piraten.lu

N°2771
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.08.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Ëmmer erëm gesäit een op eise Stroossen Mënschen, déi mat hirem Hausdéier op der Strooss liewen. Fir vill vun dëse Mënschen ass d'Hausdéier hiren eenzeg richtege Weggefährte an eng wichteg moralesch Stäip. Fir dës Leit sinn hir Déieren hir Famill.

Et ginn awer och där Leit, déi Déiere skrupellos ausnotzen, fir esou duerch Heescherei Geld ze maachen. Eng Déiereschutzorganisatioun beriicht op de soziale Medien dovunner, dass Hënn vun hirem "Meeschter" mësshandelt ginn. D'Hënn sinn zwar heiansdo an der EU gechippt, mee se sinn a kengem System ugemellt, soudass net kloer ass, wien de Proprietär vum Déier ass.

D'Police kéint awer hei net agräifen, well et am Déiereschutzgesetz keng Dispositioune géife ginn, fir d'Déieren aus hirem Misär eraus ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn d'Ministeren doriwwer informéiert a stëmmt et, dass der Police an esou Fäll, wéi uewe beschriwwen, d'Hänn gebonne sinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Erlaabt déi aktuell Gesetzeslag, fir een Déier, wat ausgenotzt an/oder mësshandelt gëtt, ze konfiszéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten